LËSCHT
4

CSV
DIKRICH



## Charel WEILER

**Gemengerot, Jurist**

### Fir eng demokratesch an transparent Gemengepolitik

Ech setze mech dofir an, dass aus dem Dikricher Gemengerot rëm ee richtege Rot gëtt, wou Projet'en diskutéiert a debattéiert ginn, a wou d'Decisiounen net vun uewen erof diktéiert ginn. Den Dialog an den Austausch mat alle Membere vum Gemengerot an och mat de Biergerinnen a Bierger musse rëm eng Prioritéit ginn.

**Et ass Zäit fir eng aner Politik.
Et ass Zäit fir de Wiessel.**

Spëtzekandidat

# FIR DE WIESSEL.



**Jean BASTOS-BANDEIRAS, ouvrier e.r.**

**Pour une meilleure intégration des immigrés et pour plus de sécurité**

Mon engagement politique pour la ville de Diekirch vise tout d'abord à bien intégrer les immigrés. Ensuite la sécurité en général, le bien-être, ainsi qu'une bonne qualité de vie me tiennent à cœur. La ville de Diekirch se doit d'être une ville accueillante pour toutes les citoyennes et tous les citoyens.

**Eierendirekter vum Dikricher Kolléisch, Gemengerot, Robert BOHNERT**

**Fir de Wiessel = Fir den Dialog**

Mir ass et wichteg, datt eis Gesellschaft sech net ëmmer méi ausernee lieft, an datt mer zesummen d'Erausfuerderunge vun der Zukunft uginn, a virun allem och déi demokratesch Wäerter vu Meenungsfräiheet a Matbestëmmung, déi haut op esou ville Plazen a Gefor sinn, och um lokalen a regionale Plang liewen a verdeedegen, an datt mer eis jonk Leit duerzou motivéieren, Verantwortung ze iwwerhuelen.





**Paul BONERT, Gemengerot, Dokter**

**Méi Nohalitgkeet an alle Beräicher**

Wa mir eis Liewensqualitéit wëllen halen, musse mir all zesummen op méi Nohaltigkeet setzen, an dat an alle Beräicher. D'Wëssenschaft an de Franz vun Assisi liwweren d'Motivatioun an d'Politik schaaft de gesetzliche Kader dee mir an der Gemeng ëmsetzen. Mat där néidiger Kompetenz, mat Ausdauer an nëmmen am allgemengen Intressi vun alle Bierger.

**enseignant en histoire, Pit DAHM**

**Fir méi Liewensqualitéit zu Dikrich**

Ech engagéiere mech zu Dikrich, well fir mech d'Wuelbefanne vun de Bierger am Zentrum vun der Gemengepolitik stoe muss. Een uerdentlecht Gesamtkonzept fir de Verkéier, Plaze laanscht d'Sauer fir sech vum Alldagsstress ze erhuelen, an eng Ënnerstëtzung vun de lokale Veräiner féieren zu enger besserer Liewensqualitéit vun allen Dikricher.





**Carla DE MAGALHAES-FERREIRA, éducatrice graduée**

**De Mënsch am Mëttelpunkt duerch Integratioun a Chancëgläichheet**

Den Austausch an d'Zesummeliewe vun alle Bierger dréit zum Wuelbefanne vu Jidderengem an der Gemeng bäi. Doweinst ass d'Integratioun mir wichteg. Grad esou wichteg ass d'edukativ Begleedung, d'Ënnerstëtzung an de soziale Suivi vu Famillje mat Kanner mat besonnesche Bedürfnisser. D'Mënscherechter an d'Chancëgläichheet solle Jidderengem garantéiert sinn.

**juriste, fonctionnaire de l'Etat, Marylène FERNANDES**

**Méi no um Besoin vun de Bierger**

Dikrich ass eng Gemeng mat immens vill Potenzial an dofir ass et mir wichteg, datt ideal Viraussetzunge geschafe gi, fir datt de lokale Sport, d'Veräinsliewen an d'Fräizäitoffer fir Jonk an Al méi attraktiv gestallt ginn. D'Gemeng muss dofir de Besoin vu hire Matbierger an de Vierdergrond setzen.





**Isabelle JACHIET-GRAFFIN, enseignante en sciences économiques**

**Pour une nouvelle équipe à l'écoute de ses concitoyens**

Pour une ville à la fois dynamique et où il fait bon vivre, dotée d'installations sportives et culturelles adaptées à sa population, il faut un programme clair et efficace et une équipe engagée pour le bien de tous et dans le respect du développement durable.

**professeur-ingénieur, Gemengerot, Dan KNEIP**

**Fir eng effikass an nohalteg Gemengepolitik**

D'Entwécklung vun Dikrich am Kader vun der Nordstad-Planung ass fir mech eng vun de Prioritéiten. Dofir muss am Schäffen- an am Gemengerot jidderee seng eege Kompetenzen a säi speziellt Wësse geziilt mat abrénge kënnen. D'Wäitsiichtegkeet vun eis Volleksvertrieder ass eng absolut Viraussetzung fir eng effikass an nohalteg Gemengepolitik.





**Stephanie MENDES, éducatrice diplômée**

**Fir eng engagéiert, Kanner- a jugendfréndlech Gemeng**

D'Ausbildung an d'Kannerbetreiung spillen eng wichteg Roll an enger Gemeng wou d'Bevëlkerung stänneg wiisst. Mir ass et wichteg, dass all Kand déi selwecht Chance op eng adequat Schoulausbildung kritt, onofhängeg vu senger sozialer Schicht, der Mammesprooch oder engem Migratiounshannergrond. D'Kanner an di Jugendlich mussen am Mëttelpunkt stoen, si sinn eis Zukunft.

**directeur administratif e.r., Jean-Jacques SCHAEFFER**

**Gesond Finanzen als Basis fir eng erfollegräich Entwécklung**

Als fréiere Verwaltungsdirekter hunn ech geléiert, dass d'Zukunft an d'Entwécklung vun all Betrib duerch gesond Finanzen erméiglecht gëtt. Dëst gëllt och fir d'Verwaltung vun enger Gemeng. Als Deel vun eiser staarker Ekipp vun der CSV Dikrich, wëll ech all meng Erfarunge mat abréngen, fir dass mir eis Gemeng no vir bréngen an eise Bierger eng gutt Liewensqualitéit kënne bidden.





**Jean-François STEICHEN, avocat à la Cour**

**Sech engagéieren a gemeinsam matgestalten**

D'Erausfuerderungen fir Dikrech an de nächste Jar sinn extrem divers (Verkéier a Mobilitéit, Nordstad, ëffentlech Finanzen, kommunalen Developpement, Ëmwelt, ...). Nohalteg Léisungen zu dësen Défie kënnen nëmmen gemeinsam am Konsens mat de Bierger fonnt an ëmgesat ginn. Mam Bierger, fir de Bierger. Dofir steet d'Lëscht 4!

**kinésithérapeute, Chantal WEILER-MAINZ**

**Moderate Fortschrëtt an traditionnell Wäerter**

Ech wënsche mir, Kanner an eeler Leit nees méi no beieneen ze brénge fir eppes ZESUMMEN ze schafen, d'Veräiner ze fërderen an d'Natur ze erhalen. De Verkéier hei an Dikrich muss ee besser viraus plangen fir sou de Chaos, deen zënter 12 Joer hei an Dikrich besteet, ze berouegen an den Duerchgangsverkéier ze vermeiden.



# LËSCHT 4

Fir méi Transparenz an Demokratie am Dikricher Gemengerot
Pour plus de transparence et de démocratie au conseil communal
Para mais transparência e democracia no conselho municipal

Fir eng transparent an nohalteg Finanzpolitik
Pour une politique financière transparente et durable
Para uma política financeira transparente e sustentável

Fir eng konsequent Ëntwécklung vun der Nordstad
Pour le développement soutenu de la Nordstad
Para o desenvolvimento sustentado da região de Nordstad

Fir een Nord-Contournement vun Dikrich
Pour un contournement Nord de Diekirch
Para um contorno norte de Diekirch

Schwärzt de Rondel iwwert der Lëscht 4
oder
13 Stëmmen fir d'CSV-Kandidaten

Mettez une croix dans le cercle au-dessus de la liste 4
ou
13 voix pour les candidats du CSV-Diekirch

Coloca uma cruz no círculo por cima da lista 4
ou
13 votos a favor dos candidatos do CSV-Diekirch

Liste
**4**
Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei

☒

| | | |
|---|---|---|
| **WEILER Charel** | | |
| **BASTOS BANDEIRAS Jean** | | |
| **BOHNERT Robert** | | |
| **BONERT Paul** | | |
| **DAHM Pit** | | |
| **DE MAGALHAES FERREIRA Carla** | | |
| **FERNANDES Marylène** | | |
| **JACHIET-GRAFFIN Isabelle** | | |
| **KNEIP Dan** | | |
| **MENDES Stephanie** | | |
| **SCHAEFFER Jean-Jacques** | | |
| **STEICHEN Jean-François** | | |
| **WEILER-MAINZ Chantal** | | |

**FIR DE WIESSEL.**

Diekirch@csv.lu @CSV.Diekirch CSV Diekirch Diekirch.csv.lu